
**DOSSIER DE PRESSE - LES RUES AU FÉMININ**

- Laura Galeazzi Galvani (1711 – 1778)

*Italieenesch Wëssenschaftlerin*



De Papp vum Lucia Galeazzi Galvani war den Anatomie Wëssenschaftler Gusmano Galeazzi, Member vun der Académie vun de Wëssenschaften zu Bologna.

Bestuet huet si sech 1762 mam Luigi Galvani, engem fréiere Schüler vun hirem Papp a spéidere Professer fir praktesch Anatomie op der Universitéit vu Bologna a fir Gebuertshëllef um Institut vun de Wëssenschaften. An hirem Haus huet d'Koppel sech e Laboratoire ageriicht fir d'Studie vu Reflexiounen an „Déierenelektrizitéit", haut bekannt als Galvanismus.

Si huet aktiv un der Fuerschung an un den Experimenter deelgeholl an huet hire Mann och bei senger Aarbecht als Chirurg a Gebuertshelfer assistéiert. Ausserdeem huet si bis zu hirem Doud di medezinesch Texter a Virträg vun hirem Mann iwwerpréift.

Wéinst de Konventioune vun hirer Zäit an dem dorauser entstane Matilda-Effekt gouf Lucia Galeazzi Galvini fir keng vun hire wëssenschaftleche Laboraarbechten unerkannt.

- Laura Dahlmeier (1993 – 2025)

*Däitsch Biathletin*




Laura Dahlmeier war eng vun den erfollegräichsten däitsche Biathletinnen. Sie war e puer Mol Weltmeeschterin an huet 2018 zu PyeongChang 2 olympesch Goldmedailen an 1 Bronzemedaile gewonnen.

2019 huet si mat 25 Joer hir sportlech Karriär un de Nol gehaangen an huet am Alpinismus – hirer grousser Leidenschaft – ëmmer nei Erausfuerderungen op der ganzer Welt gesicht.

Si ass mat 31 Joer em d'Liewe komm wéi si an de Bierger Karakorum am Pakistan vun engem Steeschlag getraff ginn ass. Hiren ausdréckleche Wëlle war, dass kee säi Liewe sollt riskéiere fir si ze biergen. Sie wollt, dass hire Läichnam am Bierg zeréckgelooss gëtt.

- Sophie Scholl (1921 – 1943)

*Member vum Widerstandsgrupp „Die weiße Rose"*



D'Kandheet an d'Jugend vum Sophie Scholl si gepräägt vum Opkomme vum Nationalsozialismus. Mat 13 Joer leet hatt den Hitlerschwuer of. Mee mat der Zäit, gëtt him bewosst, wat et mat der Ideologie vum Nazi-Regime op sech huet. Wéi den 2. Weltkrich ausbrécht, sicht hatt no Méiglechkeete fir géingt NS-Diktatur unzegoen.

Duerch säi Brudder, dem Hans Scholl, kënnt hatt an d'Widerstandsgrupp „Die weiße Rose". Hatt hëlleft mat anti-nazi Flugblieder ze kopéieren an ze verdeelen a setzt sech domadder bewosst ganz grousser Gefor aus.

1943 gëtt hatt mat sengem Brudder entdeckt a verhaft. Wärend dem Verhéier verdeedegt hatt mat groussem Courage seng Meenung.

Den 22. Februar 1943 gëtt dat 22 Joer jonkt Sophie Scholl vum Volksgerichtshof zum Doud verurteelt an nach deselwechten Dag gekäppt.

- Joséphine Baker (1906 – 1975)



*Afro-amerikanesch Artistin, franzéisch Resistentlerin, anti-rassistesch Aktivistin*

Joséphine Baker verkierpert **déi** éischt berüümtst afro-amerikanesch Artistin. Am meeschte bekannt ass si duerch hir Optrëtter a Revuen (Folies bergères) als Dänzerin a Sängerin an och deelweis als Schauspillerin.

Hiert ganzt Liewe laang huet si hir Berüümtheet genotzt, fir sech am Kampf géint de Rassismus z'engagéieren an huet ganz besonnesch d'Biergerrechtsbeweegung vum Martin Luther King ënnerstëtzt.

Wärend dem 2. Weltkrich huet si aktiv an der franséischer Resistenz matgemaach.

Privat adoptéiert si 12 Kanner aus verschiddene Reliounen an Nationalitéite fir ze beweisen, dass Kanner aus verschiddene Kulturen ëmmer Bridder a Schwëstere kënne sinn (koreanesch, finnesch, franséisch, japanesch, kolumbianesch, kanadesch, algeresch, marokkanesch, venezuelanesch, franséisch jüddesch an ivoresch).

Gelieft huet si mat hirer „Reebou-Famill" – wéi si se selwer nennt - am Château des Milandes an der Dordogne. Praktesch ruinéiert duerch di héisch Personalkäschten am Schlass, krut si Hëllef vun hirer Frëndin, der Prinzessin Grace Kelly vu Monaco.

## ❖ Laura Bassi (1711 – 1778)

*Professorin fir Philosophie*



Laura Bassi

Laura Bassi gouf 1733 als éischt Fra an Europa zur Professorin fir Philosophie (dorënner och theoretesch Deeler vun der Physik) un der Universitéit Bologna ernannt.

Sie gouf wéinst hirer grousser Begabung, déi sech fréi gewisen huet, haut och oft als Wonnerkand bezeechent. Schonn am Alter vun 8 Joer beherrscht si déi laténgesch Sprooch sou gutt, dass si och schwéier Texter liesen an den Inhalt gutt erëm ka ginn.

Hiren Hausschoulmeeschter Tacconi war iwwert hir Fortschrëtter sou beandrockt, dass hie si mat 22 Joer viru Medizinerkolleegen an anere Wëssenschaftler debattéiere gelooss huet. Hiert Optrieden huet si all esou staark beandrockt, dass si als Éieremember an d'Akademie vu Bologna opgeholl ginn ass.

Am Abrëll 1732 huet si wärend engem groussen ëffentlechen Spektakel am Gemengenhaus vu Bologna eng 2 stonnelaang Dokteschprüfung bestane wärend där si 49 Theesen vertrueden huet an den Doktertitel an der Philosophie krut.

## ❖ Jane Haldimand, verh. Marcet (1769 – 1858)

*Autorin vum Buch „Conversations on Chemistry"*



Dëst Buch riicht sech u jonk Meedercher a gouf als Dialog tëscht der fiktiver Gouvernante „Mrs. B" an hire Schülerinnen Emily a Caroline duergestallt.

Dës Form vun Dialog huet sech nëtzlech bewise fir d'Kanner beim Léieren z'ënnerstëtzen. Wéinst sengem attraktive Stil an einfach erstallten Experimenter huet d'Buch no senger Veréffentlechung am Joer 1806 wäit verbreete Popularitéit genoss.

Déi drëtt Editioun vun de Conversations soll dem jonke Michael Faraday säin Interessi un der Chimie gefouert hunn.

Eleng a Groussbritannie goufe 16 Editioune vum Buch publizéiert. Et gouf och international e Bestseller, besonnesch a Frankräich an an Däitschland.

Et gëtt elo als dat meeschtverkaaften engleschsproochegt Buch aus der éischter Hallschent vum 19. Joerhonnert ugesinn.

- **Émilie du Châtelet (1706 – 1749)**

*Gabrielle Émilie Le Tonnelier de Breteuil, Marquise du Châtelet-Laumont*



Franséische Mathematikerin, Physikerin, Philosophin an Iwwersetzerin vun der fréierer Opklärung. Si huet dem Newton seng Philosophie Naturalis Principia Mathematica iwwersat.

Am laange bal ausschliisslech männlechem Gebitt vun den Naturwëssenschaften, gëtt d'Emilie du Châteliet als eng vun den éischten aflossräiche Wëssenschaftler ugesinn, deenen hir Schrëfte konservéiert goufen.

Si huet och fir d'Bedeelegung vun de Fraen un all Mënscherechter opgeruff.

- **Astrid Lindgren (1907 – 2002)**

*Kanner- a Jugendbuchautorin*



Mat enger Gesamtunzuel vu ronn 165 Millioune Bicher (Stand Februar 2019) ass si eng vun de bekanntste Kanner- a Jugendbuchauteuren op der Welt.

Hir Wierker si weltwäit an 106 verschiddene Sproochen iwwersat, wat si zu enger vun den am meeschten iwwersaten Auteure mécht.

D'Schrëftstellerin ass déi spirituell Mamm vum Pippi Langstrumpf, dem Michel vu Lönneberga, dem Ronja der Raiberduechter, dem Madita, dem Mio, dem Kalle Blomquist, dem Karlsson vum Daach, de Kanner vu Bullerbü a vill aner Personnagen.

❖ Ruth Bader-Ginsburg (1933 – 2020)

*Riichterin assesseure beim leweschte Geriichtshaff vun de Vereenegte Staaten vun Amerika*



D'Ruth Bader Ginsburg ass 1970 Matgrënnerin vum Women's Rights Law Reporter, déi éischt amerikanesch Zeitung, déi sech exklusiv mat de Fraerechter beschäftegt. 1972 grënnt si de Women's Rights Project mat an de Lokaler vun enger Associatioun genannt « Union américaine pour les libertés civiles » a gëtt 1973 hir Affekotin.

De Women's Rights Project setzt sech a méi wéi 300 Dossiere géint sexistesch Diskriminatioun an. D'Ginsburg geet vun 1973 bis 1976 a sechs Fäll vu sexistescher Diskriminatioun bis an den Ieweschte Geriichtshaff. A fënnef Fäll kritt si Recht.

Si huet sech e Ruff als kompetent Affekotin gemaach an hir Aarbecht huet dozou bäigedroen der Diskriminatioun a villen Domäner vum Droit en Enn ze setzen.

D'Ruth Bader-Ginsburg, Riichterin zënter 1980, gëtt 1993 vum President Bill Clinton als 2. Fra an den Ieweschte Geriichtshaff genannt.

❖ Aline Mayrisch-De Saint-Hubert (1874 – 1947)

*Engagéiert Feministin, Grënnerin vun der éischter Fraenorganisatioun zu Lëtzebuerg*



D'Aline Mayrisch huet sech jorelaang fir d'Ausbildung vun de jonke Meedercher agesat.

1909 grënnt si eng Associatioun, där hiert Ziel de Bau vun engem Lycée fir Meedercher ass. De Staat stëmmt ënnert verschiddene Bedingungen zou an och nëmme fir 3 Joer. D'Associatioun huet misse beweisen, datt e Besoin besteet fir de Meedercher no der Primärschoul eng Ausbildung ze erméiglechen.

Den aktuelle Lycée Robert-Schuman gouf am Quartier Lampertsbierg gegrënnt. Vill biergerlech Famillje hunn hir Meedercher an dëse Lycée gescheckt.

De lëtzebuergesche Meedercher war et bis dohin net erlaabt an de Lycée ze goen. D'Aline Mayrisch an hir Komeroden hunn sech weiderhin an trotz grousse Protester fir dës Cause agesat.

1911 haten si hir d'Zil erreecht. D'Chamber stëmmt eestëmmeg fir d'Grënnung vu subventionéierte Schoule fir Meedercher an der Haaptstad an zu Esch/Uelzecht.

- **Marguerite Thomas-Clement (1886 – 1976)**

*Porte-parole fir d'Fraen an der Chamber vun 1919 - 1931*

1919 : Déi éischt Fra an der Chamber




Marguerite Thomas-Clement, vu Beruff Schoulmeeschtesch, gëtt bei den éischten allgemenge Walen 1919 als éischt Fra vu véier Kandidatinnen op der Wielerlëscht an d'Chamber gewielt. An der Chamber schwätzt si Themen un, déi meeschtens vun der Lëtzebuerger Gesellschaft aus den 20er Joren ignoréiert ginn.

Si mécht op di schlecht Aarbechtskonditiounen a Gehälter vun de Fraen opmierksam déi an der Stolindustrie schaffen. Si kritiséiert di miserabel Situatioun vun de staatlechen Hëllefskräften, féiert erfollegräich eng Motioun a fir de Verkaf vun Alkohol ze reduzéieren a gëtt Porte-parole fir d'Fraen an deem si di bedauerlech hygieenesch Zoustänn an der Maternité denoncéiert.

Si zéckt och net fir sech fir d'Prostituéierten anzesetzen, déi an de Fraeprisong komme well se ustiechend Krankheeten hunn.

- **Nelly Flick (1902 – 1963)**

*Affekotin & Fraerechtlerin*



Gebierteg vun Esch-Uelzecht, huet d'Nell Flick laang zu Lamadeleine gelieft, wou hire Papp Direkter an de Minière war. No hirem Droit-Studium am Frankräich, huet si 1928 den Eed als Affekotin ofgeluecht. Wa si wärend hirer Kandheet vill vum schwéiere Liewe vun den ausgebeuten Aarbechter matkritt huet, huet den Affekotinneberuff si op déi nach méi grouss Ausbeutung vun de Fraen opmierksam gemaach. Si ass mam Misär vu Fraen aus alle Gesellschaftsklassen konfrontéiert ginn. Si denoncéiert déi Ongerechtegkeeten déi an de Gesetzer verankert sinn a mécht aus hirem Asaz fir d'Fraerechter hiren Haaptuleies.

1934 gëtt si an de Gemengerot vun der Stater Gemeng gewielt, wou si hire Fräiheetsgeescht behält an hire Kampf am Interessi vun de Frae fortsetzt. Mat der däitscher Besatzung gëtt si vun hire Funktiounen entlooss an a Schlesien deportéiert. Sie kënnt 1945 erëm an hëlt hir Aarbecht um Barreau an am Gemengerot nees op.

Vu Mäerz bis August 1945, gëtt si Member vun der Assemblée Consultative genannt, déi d'Chamber bis zu den éischte Walen nom Krich ersetzt.